



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n°7353 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Incendie à Kayl"

Fro 1

D'Police technique sicht, prélevéiert an dokumentéiert Spueren am Kader vun eventuelle Strofdoten, déi dozou bäidroen, d'Wourecht erauszefannen. Dës Feststellunge ginn a Form vun engem Bericht un d'Autorité judiciaire geschéckt an ënnerleien dem Secret d'instruction.

Fro 2

Sou wéi et beim CGDIS bei gréisseren a speziellen Asätz üblech ass, wäert och an dësem Fall e sougenannte "Retour d'expérience" gemaach ginn.

Fro 3

Am Fall vun enger nationaler Katastroph oder Kris, wéi dem Héichwaasser 2021 oder der Pandemie, ass et néideg dass d'Regierung der Chamber déi gefroten Explikatioune gëtt. An dësem Fall ass dat nët néideg well kee nationale Krisepiang déclenchéiert gouf.

Fro 4

Laut den Informatiounen vum CGDIS ass am Centre d'incendie et de secours (CIS) Kayl-Téiteng säit Juni 2021 keng Dréileeder (DLK), resp. Teleskopmast (TMF) méi stationéiert. De CGDIS huet am Ganzen 19 dëser Gefierer am Land verdeelt, dovun 6 an der Zone de secours Süden. Beim Feier an der rue du Commerce zu Kayl de 6. Dezember sinn an enger éischer Phas den TMF vum CIS Schëffleng an d'DLK vum CIS Diddeleng an den Asaz komm. Den TMF vu Schëffleng war 16 Minutten no der Alarméierung op der Asazplaz ukomm. Laut dem Plan national d'organisation des secours (PNOS) gëtt d'Asazplaz bei 80% vun den Asätz a manner wéi 20 Minutten vun enger DLK oder TMF erreecht, dëst besonnesch am urbane Raum, wou et och méi héich Gebaier ginn. Bannent 30 Minutten ass an 99% vun de Fäll en Hubrettungsgefiere op der Plaz.

Fro 5

Den Duerchschnittsakafspräis vun enger DLK läit bei ronn 650.000 Euro htva.

Lëtzebuerg, den 27. Dezember 2022
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding